

# WALE FIR D'PRÉSIDENCE VUN DER FLF

## KANDIDATUR FIR D'PRESIDENCE VUM CLAUDE KREMER

KONGRESS VUM 15. OKTOBER 2022
CENTRE CULTUREL PAUL BARBLÉ STROOSSEN

**Léif Lieserinnen a Lieser,**

D'Fussballswelt huet sech déi lescht Joren immens weiderentwéckelt. Mer mussen op dës Changementer reagéieren an no innovative Solutioune sichen, fir d'Besoinen an d'Erwaardunge vum Fussball vu muer ze erfëllen.

Mat enger Erfarung vu méi wéi 25 Joer am Fussball stellen ech Iech dofir haut e Programm vir, deen dorop ziilt, aus der Federatioun en dynamesche Partner ze maachen, deen de ville Missiounen an Erwaardunge gerecht soll ginn: virun allem eise Fussball no vir bréngen an eis gemeinsam Passioun fërderen.

Dofir stinn ech fir e gemeinsamen Dialog an Austausch mat allen Acteuren um Terrain an, fir esou zesummen d'Identitéit an d'Roll vum Fussball zu Lëtzebuerg an op internationalem Plang ze definéieren.

An der Erwaardung op Är Ënnerstëtzung zielen ze kënnen, wënschen ech Iech eng gutt Lektür.

Sportlech Gréiss

Claude KREMER






# THEMEN

Arbitrage

Ënnerstëtzung vun de Veräiner

Jugendfussball

Fraefussball

Futsal

Gesondheet

Kommunikatioun a Marketing

Fit for Digital

Statutten a Reglementer

FLF-Instanzen & -Kommissiounen

# ARBITRAGE

## KONDITIOUNE SCHAFEN, FIR NEI ARBITTEREN ZE FANNE SOUWÉI DÉI AKTUELL ZE ËNNERSTËTZEN






# ARBITRAGE

Aktiounen:

- E strategesche Plang fir den Arbitrage zesumme mam Comité vun den Arbittere kreéieren, fir den Arbitrage um nationalen Niveau ze relancéieren an dem Arbittermangel entgéintzewierken (och am Futsal)
- Eng national Campagne lancéieren, fir all d'Acteuren zu méi Respekt a manner Aggressivitéit um a ronderëm den Terrain ze sensibiliséieren
- En Encadrement an e juristeschen a psychologesche Suivi proposéieren, fir d'Roll vum Arbitter ze revaloriséiere souwéi spezifesch Formatioune wéi z.B. d'Gestioun vu Konflikter, Emotiounen, Stress, Kommunikatioun an Eegebehaaptung unzebidden
- Belounung vun de Veräiner fir de Recrutement vun neien Arbitteren (Konditiounen: Zuel vun de Matcher, déi arbitréiert ginn; Dauer vum Mandat)
- D'Roll vum Arbitter v.a. bei de Fraen a bei de Jugendleche fërderen

# ËNNERSTËTZUNG VUN DE VERÄINER

## ENG FINANZIELL AN ADMINISTRATIV HËLLEF FIR D'VERÄINER UBIDDEN



# ËNNERSTËTZUNG VUN DE VERÄINER

Aktiounen:

- D'finanziell an d'materiell Ënnerstëtzung weiderféieren an ausbauen
- De Veräiner vun der BGL-Ligue souwéi vun den aneren Divisioune Marketing- a Kommunikatiounsressourcen zur Verfügung stellen, fir e Marketing-Konzept ze realiséieren
- D'Veräiner vun der BGL-Ligue bei der UEFA-Lizenz ënnerstëtzen
- Beim Recrutement vu Benevoller hëllefen: De Kontakt (z.B. ONIS an ADEM) an déi administrativ Demarchen ënnerstëtzen
- Demarchë bei den ëffentlechen Instanze maachen, fir den Alldag vun eise Benevoller ze valoriséieren (z.B. Congé spécial)
- Erhéijung vun de finanziellen Hëllefe fir d'Efforten am Developpement vum Fraefussball
- Eng administrativ Vereinfachung bei de Prozeduren an eng Dematerialisatioun beim Austausch vun den Dokumenter (paperless) maachen
- Den FLF-Undeel bei de Beneficer vun de Matcher vun der Coupe de Luxembourg reattributéieren (30% FLF verdeelt op déi zwee Veräiner)



## JUGENDFUSSBALL

# D’VERÄINER WEIDERHI BEIM DEVELOPPEMENT VUN DE JUGENDEKIPPEN ËNNERSTËTZEN




# JUGENDFUSSBALL

Aktiounen:

- Eis *Fair play*-Campagne weiderféieren, fir déi Jonk an hiert Ëmfeld fir dëse wichtege Sujet ze sensibiliséieren
- D’Offer vun de Formatiounen erhéijen an ausbauen, fir et eise Veräiner ze erméiglechen, all hir Jugendtrainereren a spezifesch Ausbildungen ze schécken an esou hir Aarbecht mat den Ekippen ze professionaliséieren
- D’finanziell Ënnerstëtzung un d’Veräiner fir hiren Asaz an hir Efforte beim Developpement vum Jugendfussball bäibehalen
- D’Reforme vun all den nationale Jugendkompetitiounen analyséieren a weiderféieren



## FRAEFUSSBALL

# DE FRAEFUSSBALL WEIDER ËNNERSTËTZEN AN OP DEN NÄCHSTEN NIVEAU BRÉNGEN



# FRAEFUSSBALL

Aktiounen:

- Eng Persoun bei der FLF designéieren, déi fir d'Administratioun an d'Organisatioun vum Fraefussball responsabel ass
- National Kompetitiounen: e Championnat fir Meedercher ënner 10 Joer schafen
- Reform vun den Alterskategorien
- Fussballschoul: d'Meedercher an d'Fussballschoul vun der FLF integréieren
- De Fraefussball nach méi an de Schoulen a bei de Veräiner promouvéieren
- Nei Vestiären op der FLF fir d'Fraenekippe bauen, subsidéiert vun der FIFA an der UEFA
- Finanziell Hëllefe fir déi aktuell an nei Fraenekippen ubidden
- Spezifesch Trainerausbildunge fir den Training vu Fraenekippen offréieren

## FUTSAL

# DE FUTSAL VALORISÉIEREN AN ËNNERSTËTZEN






# FUTSAL

Aktiounen:

- E strategesche Plang fir den Developpement vum Futsal an Zesummenaarbecht mat de Veräiner schafen
- De Futsal promouvéieren
- D'Statutten an d'Reglementer moderniséieren an adaptéieren
- Reegelméisseg *Journées de rencontre* organiséieren, fir d'Kommunikatioun mat an ënnert de Veräiner ze verdéiwen an Ideen auszetauschen
- De Futsal-Arbitteren technesch Formatiounen ubidden a Soft skills méi no bréngen
- De Veräiner, déi un den europäesche Kompetitiounen deelhuelen, hëllefen a se begleeden


GESONDHEET
DE SUIVI MEDICAL VERBESSEREN AN D’GESONDHEET VUN DE SPILLERINNEN A SPILLER GARANTÉIEREN



# GESONDHEET


Aktiounen:

- Médico sportif: Demarchë bei den ëffentlechen Instanze maachen, fir dass de Médico bei verschiddenen Alterskategorië bei engem Generaliste gemaach ka ginn (fir de laange Waardezäite vun de Rendez-vousen entgéintzewierken)
- Op d’Qualitéit vum medizineschen Ekipement vun de Veräiner wäertleeën, andeems d’Veräiner Checkléschten zur Verfügung gestallt kréien a si hiert Material ënnert de beschtméiglech Konditioune kafe kënnen
- Déi eenzel Acteure vun de Veräiner sensibiliséieren, informéieren a forméiere bzgl. Sujete wéi z.B. Kappverletzungen, Häerzinfakt, Hiereschlag an Häerzmuskelentzündung
- D’Preventioun vu Verletzungen a Krankheete bedéngt duerch de Sport duerch den internationalen Austausch no vir bréngen
- D’FLF-Netzwierk vun de medezinesche Spezialisten ausbauen

# KOMMUNIKATIOUN A MARKETING

## D’KOMMUNUKATIOUN MAT ALL DE PARTNER VERBESSEREN AN DE SOCIAL MARKETING DEVELOPPÉIEREN






# KOMMUNIKATIOUN A MARKETING

Ziler:

- Déi intern an extern Kommunikatioun vun der FLF professionaliséieren
- Den Image vun der FLF verbesseren
- D'Kommunikatioun an den Austausch mat den eenzelne Partner verdéiwen

Aktiounen:

- E Responsabel fir Kommunikatioun a Marketing bei der FLF astelllen
- Eng Marketing- a Kommunikatiounsstrategie vun der FLF mat ë.a. folgende Punkten definéieren:
  1. Eng effizient Kommunikatioun mat den eenzelne Partner (ë.a. Personal vun der FLF, Veräiner, Grand public, Elteren, Administratiounen, Medien a Supporteren) duerch modern Héllefsmëttel schafen (community management)
  2. Reegelméisseg Entrevuë mat de Vertrieder vun der LFL an den ënneschten Divisiounen, fir sech auszetauschen a besser op eventuell Problemer ze reagéieren
  3. Den Internetsite vun der FLF verbesseren, moderniséieren a méi user friendly mat spezifeschen Informatioune fir all Visiteure gestalten
  4. D'Kommunikatioun op de soziale Medie verbesseren an ausbauen



# FIT FOR DIGITAL

## E FIT FOR DIGITAL 2.0-PROGRAMM OPSTELLEN



# FIT FOR DIGITAL 2.0

Ziler:

Den Austausch an d'Aarbechtsprozedure fir d'Veräiner an d'FLF vereinfachen

Aktiounen:

- E Programm „Fit for digital" opstellen, deen ë.a. folgend Punkte viséiert:
  - d'Datebeaarbechtung vereinfachen, andeems all Formulairen an digitaler Form zur Verfügung gestallt ginn (paperless)
  - d'administrativ Prozedure fir Benevoller vereinfachen
  - Digitalisatioun vun de Lizenzen
  - automatesch Gestioun vun de Späre vu Spillerinnen a Spiller
  - eng technesch Plattform erstellen an Aarbechtsprozesser an d'Weeër leeden, déi den Austausch tëscht de Veräiner an der FLF vereinfachen


STATUTTEN A REGLEMENTER
D’STATUTTEN AN D’REGLEMENTER VUN DER FLF AKTUALISÉIEREN



# STATUTTEN A REGLEMENTER

Aktiounen:

- D'Statutten an d'Reglementer aktualiséieren, fir se der haiteger Zäit unzepassen
- D'Präisser vun de Jugendtransferten iwwerdenken
- E Contrat-type Veräin/Spiller ausschaffen
- Den Transfertssystem generell iwwerdenken (ë.a. Spiller, déi ënner Kontrakt stinn; Spiller, bei deenen de Kontrakt ausgelaf ass, a JT)
- Eng Reform vun de Geriichtsinstanze vun der FLF viséieren
- Déi administrativ Prozedure vereinfachen an digitaliséieren: déi besteeënd Dokumenter iwwerschaffen, d'Formulairë reduzéieren, all d'Dokumenter per E-Mail verschécken, interne System
- Digitalisatioun vun de Lizenzen


FLF-INSTANZEN & –
KOMMISSIOUNEN
D’ROLL IWWERPRÉIWEN, DE FONCTIONNEMENT REDEFINÉIEREN AN DE BÄITRAG VALORISÉIEREN



# FLF-INSTANZEN & -KOMMISSIOUNEN

<u>Aktiounen:</u>

- D’Roll an de Fonctionnement vun all Kommissioun analyséieren a ggf. upassen
- De Bäitrag revaloriséieren an de Rendement optimiséieren
- D’Membere vun de Veräiner iwwert d’Konditioune fir an eng Kommissioun gewielt ze ginn an iwwert hir Missiounen opklären
- D’Geriichtsinstanze vun der FLF reforméieren

# ZU MENGER PERSOUN

**ALTER**: 45

**BERUFF**:

Conseiller à la direction a Chef comptable an enger Fiduciaire

**LIZENZÉIERT BEI DER FLF SÄIT**: 1995

**RESPONSABILITÉITEN (POSTEN AM FUSSBALL)**:

Member vum Conseil d'Administration vun der FLF (2004-haut)

Vize-President vun der FLF (2010-2014)

President vun der Dammekommissioun vun der FLF (2004-2012)

President vun der Terrainskommissioun vun der FLF (2004-haut)

Co-President vun der Jugendkommissioun vun der FLF (2018-2020)

President vun der Jugendkommissioun vun der FLF (2020-haut)

Member vum Aarbechtsgrupp FLF-Sponsoring

Member vun der Futsalkommissioun vun der FLF (2020-haut)

Member vum Comité vun den FLF-Arbitteren

Sekretär vum FC Jeunesse Jonglënster (1997-1999)

President vum FC Jeunesse Jonglënster (2001-2021)

Arbitter bei der FLF (1995-2004)

**MÄI MOTTO**: Just do it (Merci NIKE ☺)

## CLAUDE KREMER



# MERCI FIR ÄR OPMIERKSAMKEET!

## FIR WEIDER INFORMATIOUNEN

Claude KREMER

Tél: + 352 621 237 433

claude.kremer@gmx.net